Lëtzebuerg, den 6. September 81

Léiw Elteren a Familjen vun onsen ongléckleche Kommeroden,
Dir Damen an dir Hären,
Kommerodinnen an Frenn,

Déi Satisfactiounen déi ech an dëser Usproch zum Ausdrock bréngen, hätt ech iech an och mir gewënscht scho virun 5 Joer, esouguer virun 10 Joer op enger vun onsen Commémorative Journéen kennen ze annoncéieren. Op 2 Journéen konnt ech schon wésentlech Erfolger vun onsen Beméiungen opzielen. Eng éischt Kéier zu Mamer den 3. September 1967. An dém Joer war d'Gesetz vum 25. Februar votéiert gin wat eng Rei Mesuren zu Gonschte vun den Naziaffer virgeseit. Meng Wierder vun démols waren:

"Et ass dëst ons 7. Journée Commémorative an et sin gleichzeiteg 25 Joer hir, zenter déne schwarzen Dég vun 1942. Fir d'éischte Kéier stinn ech nët mat eidelen Hänn hei. Während 6 Joer hun ech emmer erem behapt dass ons Solidaritéit an onst Zesummenhalen zum Ziel féiere géiven.

Dës Solidaritéit huet hir éischt gréisser Frichte gedroen.

D'Gesetz vum 25. Februar huet fir ons Edf eng Rei vun Satisfactiounen bruecht."

Dat ware méng Wierder an ech hun dann erklärt wéi a firwat et zu dësem Gesetz komm ass an si wuertwirtlech wéi folgt virugefuer:

"Leider huet d'Gesetz vum 25. Februar nach nët mat allen Verdréiungen, Fälschungen a Verleimdungen opgeraumt. An déi, déi sech géingt définitif a komplett Léisungen gewiert hun, hu sech selver e schlechten Dingscht geléscht. Da mussen déi Responsabel eben nach eng Kéier ufänken; a wann et bei der nächster Kéier nach nët alles soll sin, da gët et eben nach eng 3. Kéier an esouguer eng 4. an 5. Kéier. Well mir, <u>mir gin ons nët</u>."

Dat war wat ech 1967 gesot hun an esou wéi ech et 1967 profezeit ass et och komm.

Op onser Journée den 15. September 1974 hei an der Staat hun ech enner annerem folgend Wierder gebraucht:

"An déne vergangene 13 Joer Schaffen vun onser Fédératioun gouwen, wéi dir all wësst munech Fuerderungen vun den Edf erföllt. Och esou erem mam Gesetz vun dësem Joer iwert den Zouschoss bei fréizeiteger Pensionnéierung konnten a kennen e groussen Dél vu Kommeroden a Witfra'en gehollef gin. Leider ass dëst Gesetz wéi esou vill aner, och nët komplett an entsprecht nët ganz onsen Virstellungen. Dofir ass et ons Aufgab weider ze fueren an onsen Beméiungen Verbesserungen ze kréien an och Avantagen ze verwirklechen fir déi, déi momentan nach ausgeschloss sin.

Mä awer och op ons éischt an wichtegst Fuerderung: d'Ofschafung vun der leschter Diskriminatioun am lëtzeguerger Krichsschiedegesetz vun 1950, kënnen an dierfe mir nie ze verzichten. An wann ech soen nie, dann ass dat nët nemmen esou gesot, mä dann ass dat och esou a Wirklechkét gemengt. A fir déi, dénen dat Wuert nie nach nët kloer genuch ass, déne préziséieren ech, dass mir EdF ons nët gin, dës Fuerderungen emmer erem ze stellen esou lang wéi nach én vun ons lieft."

Dat waren also méng Wierder 1974 a wéi ésch et ons domadde gemengt war hu mir 1979 bewiesen wéi mir, zwar dozou gezwongen, ower och nët gezéckt hun, fir ons ege Löschten, d'Löschten vun den EdF bei den Chamberwahlen opzestellen. A wéi sériös an ésch dir, on Memberen, Frenn a Sympatisanten dës Erausfuerderung geholl hun, huet d'Resultat bei de Wahlen bewiesen.

Glécklecher Weis hun och endlech verschidden Parteien oder zumindestens eng Majoritéit vu politesch responsabele Leit a bestemmten Parteien verstanen wéi ésch déi verbleivend Problémer, déi Zwangsrekrutéierung mat sech bruecht hat, ze huele waren. An esou kum et dëst Joer zum Gesetz vum 21. Juni, wat d'Chamber den 21. Mâ votéiert huet. Et ass dëst, dat Gesetz wat endlech d'EdF mat allen anneren patriotesch Victimen gleich stellt.

Déi vun onser Fédératioun seit hirer Gröndung gefuerdert Rectificatioun vum Krichsschiedegesetz vun 1950 ass endlech an Erföllung gangen. Zwar war et keng licht Gebuert a wéi dir iech kennt errönneren hun bestömmte Leit, déi vun sech behapten am Numm vun der Résitenz ze schwätzen aus alle Re'éer geschoss fir dëse Gesetzesprojet ~~nach~~ zu Fall ze bréngen.

De Conseil National de la Résistance huet Resolutiounen an Rappeler un d'Regirung, un de Staatsrot an un all Députéiert geschéck Déi énzel Amicalen sin virun de selvechten Wohn gespannt gin. D'Unioun huet dat selvescht gemacht: Berechnungen an Behaptungen opgestallt déi der Wirklechkét weneg entsprach hun.

D'Tageblatt huet am Ufank vun dësem Joer wochelang eng grouss ugeluechten Hetzkampagne géing d'Zwangsrekrutéiert gefouert an en Mars di Bartolomeo huet nët gezéckt Verdréiungen an falsch Behaptungen am lafendem Band and'Welt ze setzen. Esouguer aus den vertrauten Débatten vun der Commission spéciale ~~eraus~~ huet den Députéierten Will Dondelinger sech hireisse geloss fir Informatiounen ze gin déi zu Hetzartikelen am Tageblatt an am Lëtzebuerger Land gefouert hun. Mat Balkeniwerschrëften wéi "UNeinigkeit über das Gesetzprojekt zur Zwangsrekrutiertenfrage" an falschen Duerstellungen. Äner grouss opgezunnen Iwerschrëften wéi

"Regirung will Gesetz zur Zwangrekrutiertenfrage nicht mehr ändern" oder Zwangsrekrutierte: CSV-DP -"Krisenrat", Kommissionssitzung im Parlament kurzfristig abgeblasen, " oder " das Gesetzesprojekt, das die Zwangsrekrutiertenfrage nicht lösen kann" sollten Onsecherhét an falsch Interprétatiounen séien, d'Nerven esou strapazéieren dass e Kurzschluss am lescht Moment de Gesetzesprojet nach platze soll.

Och den DP-Députéierten René Hübsch huet gemengt am Lëtzebuerger Journal d'Jugend an d'Nëtzwangsrekrutéiert misse géing d'Edf ophetzen fir dass jo keng définitiv Léisung zustane kënnt, an virunallem an der Oeffentlechkét ons Fédératioun an Mèskrédit bréngen.

Esouguer de Claude Hemmer vun der Jeunesse démocratique huet virun sengem Ofgang, mat blanner Gehässegkét op ons Vertrieder am Parlament, sech géingt eng Léisung vun den Zwangsrekrutéierten Problemer gewiert.

Gott sei Dank awer si genügend engagéiert Politiker hirem Engagement trei bliven a trotz allen Versich an der Regirung, an der Chamber Spezial Commissioun fir de Projet zu Fall ze brénge, koum en den 20. Mä virun d'Parlament. Och hei gouwen nach allerlescht Efforen vun den EF hire Gegner ennerholl fir eng Majoritéit ze sprengen. Esou wëllt den Robert Krieps beweisen, dass keng Diskriminatioun vun den Edf géing virleien an dëst Gesetz nët néideg wär. Op e puer Verdréiungen an falsch Behaptungen gét et him nët un, zemols wann en emmer erem versicht onse Vertrieder am Parlament ~~xxxxxxxxt~~ Eng Auszeweschen. Hien verquösst et nun émol nët dass d'Edf-Löschten dé bekannten Efolleg bei de Wahlen haten entgéingt de Virstellungen vun der LSAP. Och den Här Albert Berchem vun der DP huet gemengt seng Oppositioun géingt dëse Projet nach missen op der Chamber Tribüne weider ze féieren.

De Benny Berg, dén, wéi hien et emmer erem beweist, ké Frend vun den Edf ass, wëllt duerch séng Interventioun kloer machen dass de Gesetzesvirschlag déi Interesséiert nët befriedegt an en zitéiert Beispiller déi séier wéineg der Wirklechkét entspriechen. Genau wéi dem Här Berg ennerschiebt och de René Maart vun der DP den Edf dass et hinnen dach nemmen emt Sue géiw goen.

Dobei mengen ech dach awer war d'Positioun vun den Zwangsrekrutéierten Joerzingtelang kloer an déselvecht, och wa verschidde Leit de Géigendél behapt hun an onsen Point de Vue nët konnten oder wollten verstoen. Diskriminatioun vun den Zwangsrekrutéierten am Dommage de Guerregesetz war moralescher Natur déi duerch eng finanziell Benodélegung confirméiert gouw. Et konnt also keng Réhabilitatioun gin, wann déi 2

Aspekter nët géinge redrésséiert gin. Et huet also eng Gleichstellung mat dénen aneren patriotesche Victimes op déne 2 Plange misse geschéien. Dëst ass ganz deitlech am Gesetz vum 21. Juni geschitt. Dass déi nodréilech finanziell Regelung de Schued dén on 1950 duerch eng falsch Interpretatioun entstann ass, nët méi gudd mächt, war onser Fédératioun emmer bewosst. Déi finanziell Noentschiedegung konnt also nemmen méi e symboleschen Karakter hun. Dass allerdings d'Regirung an hire Reglementer sech esou knéckeg gêw weisen hate mir nët onbedingt erwart. Et hätt och esou wéi sou neischt un der Situatioun geännert, weder fir de Staat, dén elo fleit e puer Milliounen gespuert, nach fir den Enzelnen dén e puer dausend Frang méi kritt hätt. Och dierft et ons Satisfactioun gin, nët em de Sou gestridden ze hun an esou onse Beidrag an der jetzeger allgemenger schlechter Finanzsituatioun beigedroen ze hun.

Mä eppes recommande'eren ech trotzdem jidderengem. Jidderén soll seng demande ausföllen an zwar aus folgenden Ursachen:

D'Fuerderung vun den Edf, dass Deitschland den immense Schued dé Lëtzebuerg duerch d'Zwangsrekrutéierung entstanen ass, mathöllefen soll bezuelen ~~soll~~, bleift nach emmer bestoen an ons Vertrieder hun d'Aufgab op d'Erfëllung ze drängen. Démno wéi des Verhandlungen lafen, kënnt éventuell op dës demanden zeréck gegraff gin a wann der dann zevill fehlen könnt e falscht Bild entstoen a virun allem zu Ongonschten vu Lëtzebuerg.

Desweideren huet jo nach kén mat sénger demande definitif iwert dat him zoustoend Geld verfügt. Hien kann et nach emmer déne Zwécken zouféieren déi hien fir richteg hält an et wéss kén op nët awer enges Dags déi Idéen vun enger Stöfftung am Intérêt vun der Allgemenghét réaliséiert gët.

Nach é kuerzt Wuert zu den Ausféierungen vun dësem Gesetz vum 21. Juni. Gitt nët nervös wann nët alles vun staatlecher Seit genau direkt einwandfrei funktionnéiert. Gitt virun allem nët ären Kollégen d'Schold doerunner déi elo Joerzengten lang sech fir dës Realisatioun agesat hun. Mir all höllefen; Op Zentral oder Sektiounskomitéen, dass jidderén, op Elteren, Médercher oder Jongen zu hire Rechter kommen.

Déi zwét grouss Satisfactioun déi mir hun an déi et mech frét hei ze ernimmen ass d'Gesetz vum 14. Juli dëst Joer. Et ass d'Verbesserung vum Gesetz vum 26. März 1974 dat en Zouschoss bei fréizeiteger Pensionnéierung firgeseit. Dëst Gesetz entsprecht zwar nët genau onsen Virstellungen, mä et dierft dach awer all Problemen léisen déi mat onser ugeschloener Gesondhét zesummenhänken. Ons Délégéiert

waren, an ech sin och nach haut der Ménung, dass eng Pensionnéierung op freiwelleger Basis déi bescht Léisung gewierscht wir, an och nët méi deier kascht hät, mä de Législateur huet drop bestanen d'Mediziner décidéieren ze losen op é kann ophalen mat schaffen oder nët.

Och em dëse Projet ass hart a batter op politeschem a parlamentareschem Plang débattéiert gin. Ech wëll et hei ganz deitlech soen: Wann ons Kommeroden a Frenn an der CSV nët bis zum leschten Ablack duerchgehalen hätten wär dëse Projet nët Gesetz gin. Déi selvescht Partieien wéi beim Gesetz vum 21. Juni sin dës Sturm géingt dës Léisung am Intérêt vun de Naziaffer gelaf. An der Regirung hun DP-Vertrieder sech emmer erem géingt esou eng Léisung opgelént. De Generalsekretär vun der DP den Henri Grethen vun Esch huet emmer erem ennerstrach dass séng Partei den Edf keng Satisfactioun wëllt gin, an dëst alleng wëll sie de Wé vun den égenen Löschten gewielt haten.

An der Spezialkommissioun vun der Chamber, an ech verroden domadden ké Geheimnis, wëll op der Chambertribüne ass et ernimmt gin, wolt den Här Carlo Meintz, dén als Chef vun der DP-Fraktioun, extra an déi lescht Setzung beuerdert war, mat engem Amandement dé wésentleche Karakter vun dësem Gesetz, den effektif eppes fir Naziaffer bréngt zu Fall bréngen. Glécklecher Weis krut dësen Amendement, fir dén déi 3 DP an déi 2 LSAP-Vertrieder gestömmt hun, keng Majoritéit. Wann dësen Amandement durchgange wär, den nämlech Streichung vun der Explikatioun vum Artikel 32 am Pensiounsgesetz vun den Privatbeamten virgeseit, an zwar sét Spezialkommissioun dass eng Persoun d'Conditioun op eng Invaliderent erföllt, wann d'Zéchen vun enger fréizeiteger an ongewéinlecher Alterung virleien, wär dëst Gesetz praktesch keng Verbesserung fir d'Naziaffer an dém Senn gin.

Nach Bis virun der öffentlecher Chambersëtzung den 7. Juli ass ~~nach~~ an der Regirung an an der Chamber Majoritéitsfactiounen vun der DP versicht gin dës Fassong zu Fall ze bréngen. Nemmen Dank der onbeugsamer Haltung vum Rapporteur de Kamerod Dr Nic Majerus a senge Frönn konnt de Gesetzesvirschlag a senger valabler Léisung der Chamber présentéiert gin. An hei sin erem eng Kéier déi bekannt Gegner vun den Edf vum Stapel gezun an nët nemmen dass sie domadden géngt Intérêen vun den Zwangsrekrutéierten waren, mä och géingt d'Intérêen vun alle Naziaffer, also och géingt d'Intérêen vun de Resistenzler. ~~Dëst nom Motto: Ech gin én A drem wann dén anneren der zwé verléiert.~~ Als éischte Gegner vum Gesetz trett natirlech den Här Berg erem op d'Tribüne. No séngen Auféierungen géiw dëst Gesetz zeweit goen, wär nët néideg a well Schichtarbechter nët déi selvescht

Rechter hätten, dofir breichten d'Naziaffer se och nët an iwerhapt alles wär der CSV hir Schold, wëll sie per force hirt Verspriechen géiw wellen aléisen. A wéi den Här Berg ferdeg war rift den Här Albert Berchem (dir kënnt et am Chamberbericht noliesen) "Bravo Här Berg, dat ass dat Bescht wat bis elo gesot gin ass." Den Här Poos vun der LSAP annoncéiert direkt séin negative Vote an den Här Pescatore ass natirlech och mat der Fassung vun dësem Gesetz nët daccord. Den Robert Krieps kënnt mat der âler Leier dass d'Edf nët geschiedegt gi wären a vergösst dass dëst Gesetz nët nemmen fir d'Zwangsrekrutéiert ass, mä fir all Naziaffer. Awer nom Sprechwuert: Ech gin én A drem wann dén aneren der 2 verléiert gin och d'Resistenzler geaffert, wann nëmmen d'Edf neisch kréien, déi him an Dar an A sin.

Mir Edf mat onse Familjen Frenn a Bekannten hun bei dësen 2 Gesetzesprojéen ganz déitlech gewiese krut wien hier Gegner nach emmer sin. Och beim Vote vun dësem zwéte Gesetz konfirméieren sie et nach eng Kéier deitlech. Esou stëmmen geingt dëst Gesetz d'Hären Dondelinger, Robert Krips, Poos, Van den Bulcke, Berg, Birtz a Brebsom. Et ass mir unverständlech wou é vun onse Joergäng den Néckel Birtz dén selver grousszügeg vum Gesetz vun 1974 profitéiert an den Complément différentiel kritt, dém séng Seschter den Complément différentiel kritt, dém sei Bruder den Complément differentiel kritt an a sénger Famill nach ronn eng hallef Dozen dëse Complément kréien, dass den Här Birtz sech dergéing wiert dass nach e puer aner Naziaffer nët och sollen déi Avangagen kréien, wëll hir Fall nët grad esou gönschteg luchen oder nët déi néideg Relatiounen haten. Den Albert Berchem fir sech lanscht d'Ofstömmung ze drécken war den Ament nët an der Chamber an den Claude Pescator dén an sénger vehementer Ried dëst Gesetz ofgelehnt huet a behapt durch d'Zwangsanzéiung wär hien 10 Joer méi jonk gin, huet awer nët de Courage konséquent ze bleiwen a géing de Projet ze stëmmen.

Dir Dammen an dir Hären, Kommerdénnen a Frenn.

An dësem Joer kruten mir Edf also ganz deitlech gewiesen wou um politeschem Plang eis Frönn a wou eis Gegner sin. Objectifhalber muss ech bestätegen dass ennert dem Drock vun der CSV dës 2 Gesetzer dëst Joer gestemmt gouven an zwar virun de Gemengewahlen, elo den 11. Oktober. Dommade sin déi 2 Haptfuerdungen vun onser Fédératioun erfëllt gin an mir vun onsem Engagement och Edf-Löschten bei den Gemengewahlen opzestellen entbonnen. Ons Fédératioun mat hir fédéréierten Associatiounen kann also erem op hir normal Aktivitéit zeréckkommen. Mä eppes dierfe mir dach awer net vergiessen an dém och bei onsen perséinlechen politeschen Iwerléungen a Décisiounen Rechnung droen. Dat ass, sech dénen och dankbar erweisen, déi zu ons

zu ons stungen; déi beréd waren wénst der Cause vun den Edf désavantagen op sech ze huelen, eso e Jean Gremling dei leider dest Joer net kann hei sin; déi déi sech voll a ganz agesat hun fir eben eis Problemer ze leisen. Wann elo é mir virwërft ech géif Propaganda machen fir eng oder bestömmte Parteien, da kann ech dém nach emmer versecheren dass ech nach emmer un absolut keng Partei gebonne sin. An dir kënnt och all berouegt sin ech erfölle mein politescht Mandat esou a wéi a woufir ech dohinner xixxxx gewielt si gin. An ech trieden och nët of, wann méng Gesondhét mach net dozou forcéiert; esou rosen e Robert Krieps oder Claude Hemmer an nach ander doeriver och sin ménger gäre lass wären. Wéi an der Vergangenhét esou och an der Zukunft setzen ech mech zesummen mat den Komitésmemberen fir d'Intérêen fun den fréeren Zwangsrekrutéiert Médercher a Jongen, hir Elteren, Hannerbliven, Frënn a Sympathisanten voll a ganz an. Ouni Rücksicht op Avange, Désavantage oder Drohungen. Mir ass eng Partei esou recht wéi déi aner, awer ech empfannen et als meng Pflicht an Aufgab éierlech an oprichteg ze soen, wien effektif am Intérêt vun unser Cause eppes opzeweisen huet. Ech mengen dass et och ons Aufgab ass bei Wahlen op dat nun Gemengen oder Chamberwahlen sin; ons Stemmen dénen ze gin déi sech fir ons agesat a tatsächlech bewiesen hun dass sie entgéing allem géigendélegem Sturm, den Edf hir gerecht Fuerderungen réaliséiert hun.

Dir Damen an dir Hären, Kommerodinnen a Frënn

Wann mir elo gleich um Kanounenhiwel stinn an onsen ongleckleche Kommerodinnen an Kommeroden gedenken, ass et ons all vill besser wéi et joerzingtelang virdrun war. Da wesse mir dass och sie seit dem 21. Mä 81 gesetzlech als gleichwärteg Patriotesch Affer unerkannt sin. Mir wëssen dass Diskriminatioun vun den Zwangsrekrutéierten aus engen lëtzebuerger Gesetz eraus ass. Et war e lange Wé bis dohin an dass mir dat erécht hun ass der joerlanger Aktivitéit vun onsen Comitéen an Memberen ze verdanken. Et ass ärt Mérit, dén dir Joer fir Joer bei onser Journée Commemorative an onse Manifestatiounen dobei wart. Dofir och de wärmste Merci dén ech iech, déi dir hei présent sid am Num vun menge Komeroden aus dem Zentralkomité an e méngem égenen Numm ausspriechen. Mir sin all dé gleiche batteren Kreizwé gangen. Dén én oder aneren ass besser oder schlechter dovun komm. Vill ze vill sin nët méi do. Mä eppes huet ons an déne schwéieren Zeiten a bis haut eran beséilt. Dat war an ass d'Hémechtleift. Dat ass ons Hémecht fir déi esouvill gud Lëtzebuerger hirt Liewen gin hun. Dat ass ons Komerodschaft déi ons iwert all Schicksalschlé ewech gehollef huet an déi ons och weider zesummen hale muss. Et ass an dém

Senn wou ons Journée Commémorative geschafe gouw a wou se och weider bestoe muss. Erönneren a waider lieven fir dass al déi Affer déi onst Land fir d'Freihét bruecht huet nët emsoss waren.